

GEMENGEROT

VUM 23. SEPTEMBER 2022

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer (LSAP) an André Noesen (déi gréng); Nathalie Heintz (LSAP) (per Videokonferenz), de Gemengesekretär, Marco Haas

Entschëllegt: Lucien Koch (CSV)

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl (Mat Ausnam vum Punkt 2.2).

Um Ufank vun der Sëtzung huet de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) gefrot, fir e weidere Punkt, betreffend de „Pacte Logement 2.0“ als zousätzleche Punkt op den Ordre du Jour ze setzen, wat vun allen ugeholl ginn ass.

GESCHLOSSE SËTZUNG

1. Kommunale Service Erziehung an Accueil fir Kanner

1.1. Pensionéierungsdemande vun engem Gemengenemployé D2

D'Ufro fir an d'Pensioun vun engem Gemengenemployé D2 am Kommunale Service Erziehung an Accueil fir Kanner ass ugeholl ginn.

1.2. Demissioun vun engem Gemengenemployé C1

D'Demissioun vun engem Gemengenemployé C1 gouf ugeholl

1.3. Demissioun vun engem Gemengenemployé C1

Eng Demissioun vun engem Gemengenemployé C1 ass ugeholl ginn.

1.4. Demissioun vun engem Gemengenemployé B1

D'Demissioun vun engem Gemengenemployé B1 ass acceptéiert ginn.

1.5. Ëmännerung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé B1

D'Tâche vun engem Gemengenemployé B1 ass vu 36 Wochestonnen op eng 40-Stonnes-Woch ugehewe ginn.

1.6. Ëmännerung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé B1

D'Aarbechtszäit vun engem anere Gemengenemployé B1 ass vun 8 op 18 Wochestonnen erhéicht ginn.

1.7. Ernennung vu Léierpersonal

De Gemengerot huet zwee Gemengebeamten C1 als encadrants pédagogiques ernannt.

2. Gemengeverwaltung Kielen – Techneschen Déngscht

2.1. Demissioun vun engem Gemengebeamte B1

D'Demissioun vun engem Beamten B1 aus dem techneschen Déngscht gouf ugeholl.

2.2. Avancement vun engem Gemengebeamten A1

De Gemengerot confirméiert den Avancement vun engem Gemengebeamten A1 an de Grad 16.

3. Gemengeverwaltung Kielen – Gemengesekretariat

Ernennung vun engem Gemengebeamten B1/C1

De Gemengerot decidéiert fir kee vun de Kandidaten unzehuelen.

ËFFENTLECH SËTZUNG

MATDEELUNGEN

D'Conseillère Claudine Meyer (LSAP) informéiert dass 90 Kanner, dovun e groussen Deel ganz jonk Kanner, an der LASEP ageschriwwen sinn, wat op d'Bedeitung vum Sport scho vu Klengem un hiweist a si ass besonnesch frou, dëst Joer heifir op diploméiert Enseignanten zréckgräifen ze kënnen.

De Conseiller Guy Kohnen (CSV) weist drop hin, dass no der Baisse vun de leschte Joren d'Demanden am „Office Social“ par rapport zum leschte Joer ëm 13 % zougeholl hunn, mee datt dëst am Prorata zu der Awunnerzuel déi niddregst vun alle Member-Gemengen ass. Ursach ass meeschtens, well de Loyer net ka bezuelt ginn oder Immobilienscholden. A punkto Nationalitéit sinn d'Demandeuren zu 31 % Lëtzebuerger oder mat duebeler Natio-

nalitéit, 18 % Portugisen, 21 % aus aneren EU-Länner an 28 % vun ausserhalb vun der EU. Och weist hien drop hin, dass den Office Social elo och fir Flüchtlingen zoustänneg ass an dass den Neibau mat Zëmmere fir Demenzkranker nach soll virum Kollektivcongé d'nächst Joer fäerdeg sinn.

De Conseiller Guy Breden (CSV) kënnt op déi dräi Aarbechtsgruppen zréck, déi aktuell d'Aarbechtsklima beim Personal, d'Finanzen an d'Zefriddenheet vun de Gemenge mam SIGI ënnersichen, woubäi déi éischt Equipe hir Aarbecht ofgeschlossen hätt.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) weist op d'circulaire iwver d'Energiespuere vum Ministère hin, wouzou och de Schäfferot sech schonn zesumme mam Energieberoder Gedanke gemaach huet a kuerzfristeg eng Aarbechtsgrupp opgestallt huet, déi schonn e Rendez-vous huet fir Mesuren opzestellen an ëmzesetzen.

Weider sinn am Centre culturel zu Nouspelt keng Flüchtlinge méi, sou dass dëse vum 15. Oktober un nees verfügbar dierft sinn.

Och deelt de Buergermeeschter mat, dass vum 1. September mam Isabelle Lanners eng nei Mataarbechterin am Biergerzenter agestallt ginn ass.

Zum Thema Referendum iwver d'Constitutioun sinn an der Gemeng 7 Ënnerschrëften agaangen.

Den neie „Buet“ soll dem Buergermeeschter no eng aner „image de marque“ kréien a méi iwver d'Gemeng schreiwen a weisen, woufir eng Aart Redaktioun agesat ginn ass, déi sech dorëm këmmert. Eng separat Agenda informéiert iwver d'Manifestatiounen, woufir d'Veräiner elo allerdéngs hir Veranstaltungen e Mount éischter erareeche mussen.

Nom Virfall op engem ëffentlechen elektronnesche Panneau an enger Gemeng sollt den Informatik-Responsabele Fabio Sousa de Conseillere soen, ob esou eppes och zu Kielen méiglech wier. Dësen ass der Meenung, datt

esou eppes iwverall méiglech ass, a weist drop hin, dass dacks d'E-mailen d'schwaach Plaze sinn, well déi Server am liichtsten ugegraff kënne ginn. Den Informatikservice géif mat de Server, mat Firewall iwverall an och an der Schoul säi Beschta maachen, mee hie mécht en Opruff, d'Passwierder reegelméisseg ze änneren a se absolut kengem anere matzedeelen.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) geet weider op déi nei „App“ an an op de Fait, dass se bis elo 650 mol erofgeluede ginn ass, dass Flyer am Laf vun der Woch ausgedeelt gi sinn an och an anere Sprooch wäerten disponibel sinn. Vum November un kann een och d'Gemengesäll iwver eng „App“ reservéieren.

Ofschléissend deelt hie mat, dass de Conseiller Lucien Koch (CSV) op de 19. September 2022 seng Demissioun agereecht huet, sech awer fir déi haiteg Sëtzung entschëllegt huet.

De Lucien Koch war vum 1. Januar 1988 bis 31. Dezember 1999 als Conseiller am Gemengerot Kielen. Hie war duerno vum 1. Januar 2000 bis de 24. Dezember 2019 Member vum Schäfferot a vum 25. Dezember 2019 bis op den haitegen Dag Conseiller.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) appreciéiert dat 34-järegt Schaffe vum Lucien Koch am Interêt vun der Gemeng a seet him Merci fir säi groussen Asaz, wou hien ni gezéckt hätt, seng Meenung ze soen a seng Erfahrung wäert dem Gemengerot feelen. An enger Feierstorn soll d'Gemeng nach dorop zrëckkommen.

4. Kommunale Service Erziéung an Accueil fir Kanner – Schafe vu Poste fir Gemengenemployéën C1

Weinst der ëmmer méi grousser Zuel vu Kanner schaaft de Gemengerot fënnef Poste fir Gemengenemployéën am Grad C1 fir de kommunale Service Erziéung an Accueil fir Kanner (Service d'Éducation et d'Accueil).

5. Police-Reglement – Ëmännerung vun den Artikelen 21 a 24

D'Police-Reglement iwver de Kaméidi soll an dem Sënn geännert ginn, datt den Artikel 21 ewechfällt an den Artikel 24 geännert gëtt. Den Artikel 24 preziséiert, datt d'Lautstärkt vun all Radio oder Televisioun resp. aner Apparater, déi Geräischer reproduzéieren, bannen an de Gebaier esou mussen agestallt sinn, dass d'Noperen dovun net gestéiert ginn (Zëmmerlautstärkt). A kengem Fall dierfen des Apparater banne benotzt ginn, wa Fënsteren oder Dieren opstinn, an och net um Balcon oder am Fräie wann aner Leit doduerch kéinte gestéiert ginn. Dëst zielt och fir Museksinstrumenter, Gesank oder Gespräicher.

No enger Diskussioun iwver d'Formuléierung vum Text, d'Fro ob d'Lautstärkt sollt mat enger Dezibel-Gréisst festgehale ginn, d'Auerzäit déi ze respektéieren ass fir d'Anhale vun dese Reegelen proposéiert de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) fir de Vott auszesetzen an d'Reglement nach eng Kéier ze diskutéieren.

6. Taxereglement iwver d'Material fir den Ënnerhalt vum Dréinkwaasser-Reseau – Ëmännerung

Weinst de Remarque vum Innenministère wat d'Taxereglement iwver Aarbechten, déi fir Drëtter vum Regiedéngscht um Waasserleitungsnetz gemaach ginn, resp. betreffend d'Material fir des Aarbechten, mussen d'Reglementer iwver d'Präisser vum Aarbechtmaterial an de Stonneloun fir déi ausgefouert Aarbechten an ënnerschiddleche Reglementer festgeschriwwen ginn.

Aus deem Grond gëtt en neit Reglement gestëmmt, an deem d'Präisser vum Material festgehale ginn.

D'Tariffer fir d'Verrechnung vun de Stone bleiwen am aktuelle Reglement weider bestoen.

7. Verkéiersreglement – Zousaz

De Gemengerot approvüiert den Zousaz zum Verkéiersreglement.

8. Deklasséierung vu Parzellen

Eng Parzell vun 1 m² an der Rue de Schoenberg zu Kielen, Kadasternummer 1904/7405 gëtt aus der ëffentlecher Proprietéit an d'privat Gemengeproprietéit ëmklasséiert fir Emprisen ze regulariséieren.

9. Notariell Akten a Verkafsverspriechen

9.1. Tauschverspriechen iwver Parzellen an der Rue de Schoenberg zu Kielen

D'Gemeng Kielen tauscht d'Parzell 1904/7405 mat der S.à r.l. Kehlen 911 géint eng aner gläichwärtig Parzell vun 1 m² an der Rue de Schoenberg, Kadasternummer 1903/7402.

9.2. Tauschakt iwver Parzellen an der Rue des Jardins zu Ollem

Mat engem notariellen Akt tauscht d'Gemeng Kielen d'Parzell Nr. 56/2520 an der Rue des Jardins zu Ollem mat enger Fläch vun 0,51 Ar géint d'Parzell Nr. 56/2884 an där selwechter Strooss mat enger Surface vun 1 m², fir d'Regulariséierung vun Emprisen.

9.3. Notariellen Akt iwver de Verkaf vun enger Parzell an der Rue de Mamer

D'Gemeng Kielen keeft en Terrain vu 0,7 Ar mat der Kadasternummer 472/5095 an der Rue de Mamer zu Nouspelt fir d'Emprisen no der Erneuerung vun der Rue de Mamer ze regulariséieren.

10. Spezialkredit weinst engem ausseruerdentleche Subsid fir d'Amicale CIS Kielen

Bei Geleeënheet vum 10-järegen Zesummegoe vun alle Pomppjeescorpen aus der Gemeng Kielen, hirem Familljefest 2022 an dem Besuch vun de jumelierte Pompeë vum Bodensee, accordéiert d'Gemeng der Amicale CIS Kielen en ausseruerdentleche Subsid vu 1.500€, fir deen e Spezialkredit accordéiert gëtt.

11. Don un d'Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.

D'Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l. kritt en Don vu 50€, well se de Fraen a Mamme fir hire Familljerallye eng Fair Mëllechkou zur Verfügung gestallt haten.

12. Opdeele vun Terrainen

12.1. Opdeele vun Terrainen an der Rue de Schoenberg zu Kielen

Fir hei kënnen eng Residence ze bauen, ginn zwee Terraine vu 6,39 resp. 5,52 Ar op 7 bis 9, rue Schoenberg zu Kielen zu engem Terrain vun 11,89 Ar zesummegeluecht.

12.2. Opdeele vun engem Terrain an der Juddegaass zu Kielen

E bebauten Terrain an der Juddegaass zu Kielen gëtt op dräi eenzel Terrainen opgedeelt.

12.3. Opdeele vun engem Terrain an der Rue de Dondelange zu Meespelt

E weidere bebauten Terrain an der Rue de Dondelange zu Meespelt gëtt och op drei Terrainen opgedeelt.

12.4. Opdeele vun engem Terrain an der Rue de Kehlen zu Keespelt

En Terrain vun 8,35 Ar op 14, rue de Kehlen zu Keespelt gëtt opgedeelt op zwee Terraine vu 4,22 resp. 4,13 Ar fir hei kënnen zwee unenegebauten Zweefamilljenhaiser opzerrichten.

12.5. Opdeele vun engem Terrain an der Rue J.A. Zinnen zu Ollem

En Terrain vu 6,30 Ar an der Rue J.A. Zinnen zu Kielen gëtt op zwee ongeféier gläichgrouss Terrainen opgedeelt.

13. Berodend Gemengekommissioun fir Sport a Fräizäit – Demissioun vun engem Member

Well hien an eng aner Gemeng plënnert, gëtt de Chris Felten seng Demissioun an der Sport- a Fräizäitkommissioun.

14. Verwaltungskommissioun vun der Konschtgalerie „Bei der Kierch“ zu Kielen – Demissioun vun engem Member

D'Myriam Otto demissionéiert an der Verwaltungskommissioun vun der Konschtgalerie „Bei der Kierch“ zu Kielen.

15. Areeche vun de Statute vum Veräin „Gaart an Heem Keespelt-Meespelt a.s.b.l.“

Den neigegrënnte Gaart an Heem Keespelt-Meespelt a.s.b.l., deen och Member vun der „Ligue Luxembourgeoise du Coin de Terre et du Foyer“ ass, huet seng Statuten eragereecht.

16. Subsiden u Lokalveräiner fir 2021

16.1. Subsiden u Veräiner - Spéciale

Am Grupp IV sinn déi Veräiner zesummegefaasst, déi e fixe Montant u Subsid kréien. Et sinn dëst 8 Veräiner mat insgesamt 8.080 € Subsid.

16.2. Subsiden u Veräiner – Autres

Am Grupp III si Veräiner zesummegefaasst, déi e variable Montant u Subsid kréien. Et sinn dëst 10 Veräiner mat insgesamt 18.000 € Subsid.

16.3. Subsiden u Veräiner – Sport

Am Grupp II sinn déi Sportveräiner zesummegefaasst, déi e variable Montant u Subsid kréien. Et sinn dëst 9 Veräiner mat insgesamt 45.000 € Subsid.

16.4. Subsiden u Veräiner – Kultur

Grupp I sinn déi kulturell Veräiner zesummegefaasst. Et sinn dëst 8 Veräiner mat insgesamt 30.000 € Subsid.

Am ganze verdeelt d'Gemeng Kielen 101.080 € Subsiden un déi eenzel Lokalveräiner.

17. Confirmatioun vu dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

Wéinst Aarbechten um Kanalisatiouns- a Waasserleitungsreseau gëtt de Verkéier vum 1. September bis den 23. Dezember an der Rue d'Olm zu Nouspelt, vun der Kräizung mat der Rue de Goebange bis bei d'Kräizung mat der Rue „A Réitchemouer“ mat Luuchten op deem méi schmuelen Deel regléiert.

Wéinst Aarbechte vun der Post gëtt de Verkéier an der Rue Schaarfeneck an an der Rue de Schoenberg zu Kielen vum 15. September bis den 31. Oktober iwver eng méi schmuel Strooss geleet, duerfir ass et verbuede fir ze iwwerhuelen a béidsäiteg verbuede fir ze Parken.

Wéinst Terrassementsaarbechte gëtt de Verkéier an der Rue de Kopstal an an der Rue de Keispelt zu Meespelt vum 15. September bis den 31. Oktober jee no der Chantiers-Situatioun mat Luuchte gereegelt an et ass béidsäiteg verbueden, ze parken.

18. Confirmatioun vun engem Avenant zum „Pacte Logement“

Am November 2021 krut d'Gemeng Kielen iwver de „Pacte Logement 2.0“ en externe Logements-Beroder zougestanen, deen op 12 Méint limitéiert war, duerfir soll dee Kontrakt elo duerch en Avenant verlängert ginn.